LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 21 juin 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 4298 du 18 mai 2021 de l'honorable Député Fred Keup concernant le projet de logements subventionnés dénommé Elmen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, an dem Här Wunnengsbauminister, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro n°4298 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Sujet "Projet de logements subventionnés dénommé Elmen"**

**Fro 1)**

Den aktuellen Zäitplang gesäit vir, dass all déi 388 Wunnengen aus der 1. Phas vum Projet Elmen bannent 6 Joer ugefaange gi mat bauen. Duerno kënnt nach d'Bauzäit derbäi, soudass déi Responsabel vun der SNHBM domadder rechnen, no 8 Joer déi 1. Phas kënnen ofzeschléissen.

D'SNHBM ass deemno genau am Zäitplang an et ginn, trotz Covid, keng Schwieregkeeten, fir de gesamten Zäitplang ze halen. Och all déi aner funktionell Gebaier, déi d'SNHBM baut, wäerten an deem Zäitraum fäerdeg ginn. Mir kënnen awer keng Ausso zur Schoul an zur Sportshal maachen, well dës Projeten ënnert der Verantwortung vun der Gemeng ëmgesat ginn.

**Fro 2)**

Enn 2023 sollen 240 Wunnenge fäerdeg sinn. Dat entsprécht méi oder wéineger 550 Awunner.
Enn 2025 sollen 346 Wunnenge fäerdeg sinn. Dat entsprécht méi oder wéineger 800 Awunner.
Bis Enn 2027 soll déi éischt Phas vum Projet Elmen ofgeschloss sinn. Dat wieren dann eppes méi wéi 1.000 Awunner.

**Fro 3)**

Nom Vott vum Finanzéierungsgesetz[1] Elmen am November 2020 huet de Wunnengsbauministère am Dezember 2020 eng Konventioun vu ronn 32 Mio € mat der SNHBM ënnerschriwwen, fir d'Infrastrukturen am Projet Elmen ze finanzéieren.

Vun deenen engagéierten 32 Mio € goufen 2020 schonn 3.7 Mio € un d'SNHBM iwwerwisen.

**Fro 4)**

D'Bedeelegung vum Stat am Projet Elmen ass am uewe genannte Finanzéierungsgesetzdetailléiert duergestallt. Un dësen Zuelen huet sech bis haut näischt geännert. Dëst Gesetz concernéiert just d'Bedeelegung vum Stat un den Infrastrukturen an dem Wunnengsbau vum Projet.

Deemno gëllt fir de PAP1 d'Estimatioun vu ronn 78,2 Mio EUR fir de Volet Wunnengsbau an Infrastrukturen (op den aktuellen Index ugepasst). De PAP2 an de PAP3 sinn an Ausaarbechtung. Am Finanzéierungsprojet gouf fir dës 2. Phas vum Projet nach eng Kéier e Bedarf vun 72,3 Mio € un ëffentleche Gelder fir de Wunnengsbau geschat. Dëst kann evoluéieren, jee nodeems wéi déi PAPen an nächster Zukunft ugepasst ginn.

Doriwwer eraus sinn am Projet d'Schoul an d'Maison Relais an engem Gebai virgesinn, mee kloer vunenee getrennt (keen Intégré).

De Subsid fir d'Schoul fält ënnert d'Kompetenz vum Inneministère, dee fir d'Maison Relais ënnert déi vum Éducatiounsministère.

De Projet gesäit fir d'Schoul 23 Schoulklassen a 5 "salles de réserve" fir d'Zyklen 1 bis 4 vir, bei enger Gesamtfläch vun 2.504,49 m². Pro Quadratmeter kënne 5.500 € subventionéiert ginn. Nodeems déi

[1] Loi du 25 novembre 2020 autorisant l'État à participer au financement du projet de logements subventionnés dénommé Elmen.

finanziell Situatioun vun der Gemeng mat considéréiert ginn ass, huet d'Inneministesch d'Gemeng Kielen informéiert, dass eng Subventioun vun approximativ 5.5 Mio € fir de Bau vun der Schoul accordéiert kéint ginn. Dëse Montant kéint awer nach adaptéiert ginn, jee nodeem wéi e Montant d'Gemeng reell wäert engagéieren.

D'Maison Relais wäert dem Projet no eng maximal Kapazitéit vu 445 scolariséierte Kanner hunn. Op Basis vun enger Bautekonventioun, déi tëscht der Gemeng Kielen an dem Éducatiounsministère de 14. Dezember 2020 ënnerschriwwe ginn ass, partizipéiert dëse mat engem Subsid vun insgesamt 4.5 Mio €, deen an 2 Tranchë vu 50% ausbezuelt wäert ginn. Déi 1. Tranche wäert kënnen ugefrot an ausbezuelt ginn, soubal de Chantier ufänkt, déi 2. Tranche op Basis vum Décompte vum Projet. De Moment ass déi 1. Tranche weder ugefrot, nach ausbezuelt ginn.

Et läit zu dësem Zäitpunkt keng Subventiounsufro fir eng Crèche vir.

Wann eng Sportinfrastruktur gebaut sollt ginn, wäert de Sportministère sech gemäss de Bestëmmunge vum Gesetz vum 18. Juli 2018 "*autorisant le Gouvernement à subventionner un onzième programme quinquennal d'équipement sportif*" a sengen Ausféierungsreglementer finanziell doru bedeelegen..